N° 6866
Entrée le 20.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.09.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/09/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.**

Duerch den Energiedësch gouf d'Allocatioun de vie chère erhéicht an et koum eng Energieprimm dobäi. Bis den 31ten Oktober kann een dës Primm nach ufroen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Leit hunn d'Energieprimm ugefrot?
2. Wéi vill Demandë goufen zougelooss?
3. Wéi vill Persoune kruten d'Primm mëttlerweil ausbezuelt?
4. Wéi vill Persoune waarden nach op d'Primm?
5. Wat ass d'Duerchschnëttswaardezäit bei den Dossieren?
6. Wéi vill Leit wiere Schätzungen no fir d'Energieprimm eligibel gewiescht?
7. Wéi vill Leit hunn d'Allocation de vie chère fir dëst Joer ugefrot?
8. Wéi vill Leit wiere Schätzungen no fir d'AVC eligibel gewiescht?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

**Äntwert vun der Familljen- an Integratiounsministesch op d'parlamentaresch Fro n°6866 vum Här Marc Goergen iwwert d'Energieprimm.**

**1)**

De Fonds national de solidarité (FNS) huet bis den 22.09.2022 33.058 Demandë fir d'Allocation de vie chère (AVC) an d'Prime Energie enregistréiert.

**2) + 3)**

22.393 Demandë goufen acceptéiert. Dovunner kruten 2.773 Stéit eng Prime Energie eleng a 19.620 Stéit kruten d'AVC an d'Prime Energie. 22.393 Stéit kruten also eng Prime Energie ausbezuelt.

**4)**

Op den 22.09.2022 sinn nach 6.589 Demanden ze traitéieren.

**5)**

Am Ufank vum Joer ass d'Waardezäit méi laang, well dann déi meeschten Demanden erakommen; do kann et tëschent 1 a 6 Méint daueren. Am Moment geet dës Waardezäit op tëschent 1 an 2 Méint erof.

**6)**

Et ass net méiglech fiabel Previsiounen ze maachen, well een dofir déi genau Kompositioun vum Stot a sämtlech Revenuë misst kennen.

De Plaffong fir d'Prime Energie ass 25 % méi héich wéi dee vun der AVC fir eng Eenzelpersoun. De Plaffong vun der AVC ass esou festgeluecht datt eng Eenzelpersoun mam Mindestloun an de Genoss vun der Prestatioun ka kommen.

**7)**

Vu datt déi zwou Prestatiounen iwwert ee gemeinsame Formulaire ugefrot ginn, hunn 33.058 Stéit eng Demande souwuel fir d'Allocation de vie chère wéi fir d'Prime Energie gemaach.

**8)**

Fir des Fro verweise mir op d'Äntwert op d'Fro 6).

Lëtzebuerg, den 17.10.2022

D'Ministesch fir Famill-an Integratioun

(s.) Corinne Cahen